# 04.06.1989 : Fënnëft Duerffest

Sch freides ass et mat der kierperlecher Aarbecht lass gaangen : zu dräi (Jean-Paul, Nico, Fern) si mer op Trënténg gefuer, fir d'Gedrénks an d'Bänken opzelueden : den Här Troes louch am Spidol.

De Programm vum Samschdes :

1. d'Buden opriichten (14 Deeg virdrun waren si an de Schapp transportéiert ginn)
2. Grompere schielen
3. Fritte siche goen (op Welfréng)
4. d'Dréi siche goen (Munnerëf) : iwwrégens, de Poul fir d'Dréi war net ze fannen
5. d'Geliits ophänken asw.

Owes em 9 Auer hu mer dann och nach de Killcamion agelueden.

Sonndes Muerges em 7.30 h goung et virun.

Een Deel vun eisen Aarbechten hunn em 9.00 h missen als Sänger an d'Mass goen.

Vun 12 h un gouf d'Mëttegiessen servéiert. Ugemellt haten sech net grad esou vill Leit wéi déi lescht Joren (120). dofir allerdéngs den Här Paschtouer Hentzen mat 22 Mann : hien huet op eisem Duerffest säi 75. Gebuertsdag gefeiert. D'Wiisser Leit hunn de Gebuertsdagskuch gestëfft.

Wéinst deem frësche Wieder hu mer d'Mëttegissen ënnerdach servéiert. De Grupp Hentzen war am grousse Schoulsall ënnerbruecht. Deen huet dann och gläich misse geraumt ginn, well em 15.30 h d'Victor-Hugo-Strooss an d'Fëlschdrëfferstrooss ageweit goufen an den Éirewäin an der Schoul offréiert ginn ass.

D'Fanfare Mondorf-Altwies huet eis dann e Concert offréiert. Alt erëm eng Kéier ass et beim « Bezuele » vum Concert zu Reiwereie komm. Normalerweis kascht e Concert 5.000.- Frang. Well mir awer der Meenung sinn, dass bei dësem Concert en Ausgläich vu Leeschtunge geschéit – d'Musék spillt, mir bréngen d'Leit erbäi – ware mir zu « Fournitures en nature » bereet. D'Fuederunge vun der Fanfare Mondorf-Altwies waren dann awer esou, dass de Concert net 5.000.- Frang, mee 8.000.- Frang kascht huet. Dobäi krut d'Musék dann och nach zousätzlech vun der Gemeng Gedrénks a Geéiss gestëfft. Ech froe mech, wou se dat alles higestach hunn.

Den Duo Ariston huet duerno Danzmusék gespillt. Gedanzt hunn e.a. den Här Minister Marcel Schlechter, den Här Buergermeeschter Roby Schmit a weider « Personnalitéieten ».

Net extra geklappt huet et am Nomëtteg mat de Chargen an dem Service : eenzel Leit hunn sech zäitweileg oder definitiv virun der Aarbecht gedréckt.

No enger Schauer hat och de gréissten Deel vun de Leit sech ewechgemat, an esou konnte mer um 22.00 h ofrappen.

Méindes Nowéien : Buden ofrappen a fortféieren, Raumen, Raumen, Raumen, Botzen, Botzen, Botzen, Trënténg, oflueden, Feierowend, Schluss, aus ... endlech.

Den Deech am Keller stung nach deeglaang (ass dat kee schéint Wuertspill ?) do.